N°7525
Entrée le 10.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Ufro N°7525 vum 30. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

1. **Wat sinn d'Pläng vum Ausseministère a Punkto Ausbau vun de Foyere fir d'Joer 2023?**

   Fir d'Joer 2023 ass virgesinn, dass 4 Ënnerkonftsstrukture fir Persounen déi internationale Schutz ufroen (DPI), ënnert der Verwaltung vum Nationale Büro fir Opnam (ONA), hier Diere wäerten opmaachen. Et sief awer unzemierken, dass et duerch Liwwerenkpäss an Imprevuen zu all Moment zu Delai'en an der Fäerdegstellung komme kann. Den ONA sicht och weiderhin no realiséierbaren Projet'en uechtert Land.

2. **Wéi eng Unzuel un Better viséiert de Ministère an deene verschiddene Strukturen (opgelëscht no Gebai)?**

   Den ONA viséiert fir d'Joer 2023 folgenden Ausbau u Better an sengem Reseau fir DPI:

| **Ënnerkonftsstrukture fir Persounen déi internationale Schutz ufroen** | **Approximativ Unzuel vu Better** |
|---|---|
| Struktur Lëtzebuerg-Stad (rue Laurent Ménager) | +-30 |
| SHTDPI Déifferdeng (avenue Victor Hugo) | +-20 |
| SHTDPI Ettelbréck (CHNP) | +-100 |
| SHTDPI Schëmpech | +-50 |
| **Total** | **+-200** |

3. **Bekennt sech de Ministère zu engem Ausbau mat Hëllef vu méi klenge Flüchtlingsstrukturen, wou d'Leit méi individuell gehollef kënne kréien, fir esou Zoustänn wéi am Foyer zu Miersch, déi vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher kloer denoncéiert gi sinn, ze vermeiden?**

   D'Moyenne vun der Unzuel u Better pro Ënnerkonftsstruktur, déi 2023 wäerten opmaachen, läit bei ongeféier 50. Eng ideal Gesamtkapazitéit läit bei 50 bis 120 Better pro Ënnerkonftsstruktur fir e passenden Encadrement vun den hebergéierte Persoune kënnen z'assuréieren.

4. **Wat ass an den Ae vum Minister eng gutt Unzuel un Assistants sociauxen an Educateuren? Wéivill Assistants an Educateuren sollen op 100 Persounen mat BPI respektiv DPI Statut kommen?**

   Den ONA ënnerscheet beim Personalschlëssel a sengen Ënnerkonftsstrukuren tëscht den Zentre vir d'éischt Opnam an den temporären Ënnerkonftsstrukuren.

   An den Zentren vir d'éischt Opnam (« centres de primo-accueil ») läit de Personalschlëssel bei 1 Encadrant (Assistant social oder Educateur) pro 40 Persounen.

An den temporären Ënnerkonftsstrukturen, déi vun de konventionéierte Partner vum ONA, der Croix-Rouge oder Caritas, vum ONA geréiert ginn, läit de Personalschlëssel bei 1 Encadrant (Assistant social oder Educateur) pro 50 Persounen. Et sief unzemierken, dass dëst allerdéngs jee no public cible (onbegleete Mannerjäreger, …) variéiere kann.

An den temporären Ënnerkonftsstrukturen, wou d'Persounen vum ONA selwer encadréiert ginn, läit de Personalschlëssel aktuell bei 1 Encadrant pro 100 Persounen. Well hei den Encadrement net esou intensiv ass, ginn an dëse Strukturen prioritär Persounen hin orientéiert déi méi autonom sinn.

Den ONA mécht an der alldeeglecher Gestioun vun sengen Ënnerkonftsstrukture keng Trennung tëscht Persounen déi internationale Schutz ufroen (DPI) oder Persounen mat internationalem Schutzstatut (BPI).

Lëtzebuerg, den 10 Februar 2023

Minister fir Immigratioun an Asyl

(s.) Jean Asselborn